N°1872
Entrée le 30.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.01.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER

Chamberspresident

LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung a un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

"An de leschte Joren si Vapen ëmmer méi populär ginn, virun allem bei de Jugendlechen a jonken Erwuessenen ass an der Consommatioun vu Vapen e staarken Opwäertstrend ze erkennen. Dësen Trend kënnt awer och mat Bedenke bezüglech den Implicatiounen op d'Ëmwelt an op d'Gesondheet vun de Consommateuren, déi laut dem aktuelle wëssenschaftleche Fuerschungsstand nach net kloer ofzeschätze sinn. Opgrond vun dëse Bedenken hu vill Länner an Europa ugefaange Vapen staark ze reguléieren oder se souguer ganz ze verbidden.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden follgend Froe stellen:

- Wéi vill Vapen ginn zu Lëtzebuerg all Joer verkaf?

- Wat fir eng gesondheetlech Implicatioune fir d'Consommateure gi vun den a E-Liquiden enthalene Chemikalien aus?

- Wéi eng wëssenschaftlech Studie leien der Madamm Ministesch zu de Laangzäitwirkunge vu Vapen op d'Gesondheet vir?

- Wéi eng Belaaschtunge fir d'Ëmwelt kann duerch eng falsch Entsuergung vu Vapen an hire Bestanddeeler entstoen?„

Mat déiwem Respekt,

G. Schockmel

Gérard SCHOCKMEL
Deputéierten